N°3033
Entrée le 14.11.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Minister fir Fuerschung an Héichschoul a vum Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3033 vum 14. Oktober 2025 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

Dem honorabelen Deputéierte seng Froe bezéie sech op d'Prozeduren an d'Delaie beim Traitement vun Demandë fir d'Unerkennung vun Diplomer souwuel aus dem Beräich vum Enseignement Secondaire, wéi aus dem Héichschoulberäich. Dës Äntwert wäert sech deemno op d'Demandë fir d'Equivalenz vun auslännesche Secondaire's Diplomer an op d'Demandë fir d'Aschreiwung vun auslänneschen Héichschouldiplomer an de Registre des titres, section de l'Enseignement supérieur, bezéien, also op déi sougenannten akademesch Unerkennungsdemanden.

Wat den Héichschoulberäich ubelaangt, sief och nach am Virfeld vun dëser Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 8056 vum 2. Juni 2023 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement higewisen a preziséiert, dass d'Ausféierungen an Erklärungen an der Äntwert vum 15. Juni 2023 weiderhi valid sinn an och op d'parlamentaresch Fro Nr. 3033 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zoutreffen.

**1. Wéi vill Demandë fir eng Unerkennung vun auslänneschen Diplomer sinn zënter 2021 bei de Ministeren erakomm, opgelëscht pro Joer?**

Wat d'Unerkennung vun auslänneschen Héichschouldiplomer ubelaangt, sief virop ugemierkt, dass den aktuelle Gestiounsprogramm fir déi akademesch Unerkennungsdemandë vum Service Registre des titres um Ministère fir Fuerschung an Héichschoul (MESR) net drop ausgeluecht ass fir esou eng Statistik prezis opzestellen. Erfaasst sinn nämlech an deem Programm, nieft den effektiv traitéierten Demanden, och nach Demanden, déi zeréckgezu gi sinn, Demanden, déi aus mangelnder Eligibilitéit vun den Demandeuren net konnten traitéiert ginn, Demanden, déi aus Kompetenz Grënn weidergeleet gi sinn, sou wéi och eng Rei technesch bedéngt Doublonen. Änlech Restriktiounen gëllen och fir den Outil, deen de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) benotzt. All dës Zorte vun Demandë sinn Deel vum hei drënner indiquéierten Total, deen dofir also ëmmer méi héich ass wéi d'Zomm vun den Unerkennungs- an Ofleenungsdecisiounen (cf. Äntwert 2).

| MESR | |
|---|---|
| **Joer** | **Demanden** |
| 2021 | 5.406 |
| 2022 | 5.802 |
| 2023 | 6.726 |
| 2024 | 8.127 |
| 2025* | 7.694 |
| **Total** | **33.755** |
| *Stand 23.10.2025 | |

| MENJE | |
|---|---|
| **Joer** | **Demanden** |
| 2021 | 2.611 |
| 2022 | 2.773 |
| 2023 | 3.014 |
| 2024 | 4.372 |
| 2025* | 4.125 |
| **Total** | **16.895** |
| *Stand 15.10.2025 | |

**2. Wéi vill Demandë sinn an deem Zäitraum unerkannt ginn? Wéi vill sinn ofgeleent ginn?**

Wat d'Unerkennung vun auslänneschen Diplomer souwuel aus dem Beräich vum Enseignement Secondaire, wéi aus dem Héichschoulberäich ubelaangt, renseignéieren déi zwee Tableauen hei drënner iwwer d'Unzuel vun Unerkennungsdecisiounen resp. vun ofgeleenten Demanden am Kader vun de jeeweilegen Aschreiwungsprozeduren.

| MESR | | |
|---|---|---|
| **Joer** | **Unerkennungen** | **Refusen** |
| 2021 | 4.711 | 275 |
| 2022 | 4.611 | 299 |
| 2023 | 5.723 | 409 |
| 2024 | 6.909 | 500 |
| 2025* | 5.642 | 498 |
| **Total** | **27.596** | **1.981** |
| *Stand 23.10.2025 | | |

| MENJE | | |
|---|---|---|
| **Joer** | **Unerkennungen** | **Refusen** |
| 2021 | 2.270 | 72 |
| 2022 | 2.400 | 63 |
| 2023 | 2.625 | 173 |
| 2024 | 3.154 | 441 |
| 2025* | 3.411 | 355 |
| **Total** | **13.860** | **1.104** |
| *Stand 15.10.2025 | | |

**3. Wat ass d'Duerchschnëttszäit fir den Traitement vun engem Diplom, opgelëscht no Ministère an no Joer (zënter 2021)?**

Wat d'Unerkennung vun auslänneschen Héichschouldiplomer ubelaangt, muss virop ugemierkt ginn, mat Referenz op d'Prezisioun an der Äntwert 1, dass den aktuelle Gestiounsprogramm fir déi akademesch Unerkennungsdemanden vum Service Registre des titres um Ministère fir Fuerschung an Héichschoul keng solch Statistik zouléisst. Konkreet falen nämlech och déi Demanden, déi iwwert eng kierzer oder länger Zäit onkomplett bliwwe sinn, mat an d'Gewiicht, wärend dogéint d'Duerchschnëttszäit fir den Traitement eréischt ab Erhalt vun enger kompletter Demande ka gerechent ginn.

Des Weidere sinn d'Ausféierunge vun der genannter Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 8056 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement onverännert gölteg. Dee kierzte Beaarbechtungsdelai läit, onofhängeg vum Joer, tëscht engem Dag an enger Schaffwoch. Dëst ass de Fall, wann et sech ëm een äusräichend bekannten Ofschloss handelt, an d'Agente vum Service Registre des titres vun den Demandeure fréizäiteg drop opmierksam gemaach ginn, dass et sech ëm eng justifiéiert urgent Demande handelt, déi kruzial ass, zum Beispill am Kader vun engem Recrutement.

D'Waardezäit ass par contre méi laang, wann déi serviceintern Recherchen, wat den Unerkennungsstatus vun der Héichschoul an dem Diplom ubelaangt, net concluant waren, an deemno ee (leider net ëmmer rapide) Retour vun der concernéierter Héichschoul bzw. vun de kompetenten auslänneschen Autoritéiten ofgewaart muss ginn. Och spillt d'Period vum Joer, an däer eng Demande agereecht gëtt, eng Roll, an deem Sënn, dass zu gewësse Momenter de Service Registre des titres eng bemierkbar gréisser Unzuel vun Demandë receptionéiert. Selbstverständlech sinn, trotz dësen externe

Facteuren, d'Agente vum Service Registre des titres beméit, d'Waardezäit esou kuerz wéi méiglech ze halen a gläichzäiteg eng fundéiert a prezis Unerkennungsdecisioun ze treffen.

En änleche Constat gëllt et och ze maachen wat d'Unerkennung vun auslänneschen Diplomer aus dem Beräich vum Enseignement secondaire ubelaangt.

De Service de la Reconnaissance des Diplômes (SRD) vum MENJE huet keen informateschen Outil fir d'Duerchschnëttszäit fir den Traitement vun enger Demande ze berechnen.

Aktuell leien d'Delaie fir eng Äntwert op Demandë fir eng Unerkennung duerch den SRD tëschent enger an sechs Wochen. Dëst hänkt awer ganz vum Diplom, respektiv der Unerkennungsprozedur of.

Als Beispill : Fir iwwert Demanden op Unerkennung fir déi "net-konventionéiert Bac'en" (Diplômes de fin d'études secondaires aus Länner, déi weder d'Convention de Paris, d'Convention de Lisbonne, nach d'Convention mondiale ënnerschriwwen hunn) ze statuéieren, kënnt eemol de Mount eng Experts-Kommissioun zesummen.

Fir déi "konventionéiert Bac'en" (Diplômes de fin d'études secondaires aus Länner, déi d'Convention de Paris, d'Convention de Lisbonne, oder d'Convention Mondiale ënnerschriwwen hunn) ass den Delai wesentlech méi kuerz, well keng Kommissioun dës Dossiere muss aviséieren. Dës Demandë ginn au fur et à mesure traitéiert wéi se erakommen; jee no Period an Aarbechtsvolumen dauert dëst tëscht enger a véier Wochen.

**4. A wéi ville Fäll huet eng Persoun méi wéi 3 Méint op d'Unerkennung vun hirem Diplom misste waarden?**

Wat d'Unerkennung vun auslänneschen Diplomer souwuel aus dem Beräich vum Enseignement secondaire wéi aus dem Héichschoulberäich ubelaangt, ass, wéi an der Äntwert op d'Fro 3 ugedeit, déi gefrote Statistik aus technesche Grënn leider net opstellbar. Allerdéngs ass serviceintern ee séieren a prezisen Traitement eng Prioritéit, an dëst bedeit, dass alles gemaach gëtt fir d'Waardezäit ënner dräi Méint ze halen.

Am Domaine vun der Unerkennung vun Diplomer aus dem Beräich vum Enseignement secondaire sinn dem SRD deemno och keng Fäll bekannt, wou de Beaarbechtungsdelai iwwer dräi Méint gaangen ass.

Am Domaine vun der Unerkennung vun auslänneschen Diplomer aus dem Héichschoulberäich ginn et vereenzelt esou Fäll, woubäi dee längeren Delai an den allermeeschte Fäll sech doraus ergëtt, dass nach méi déifgräifend a chronophage Recherchen hu misste gemaach ginn.

**5. Wéi huet sech de Personalbestand zënter 2021 beim Service de Reconnaissance des Diplômes entwéckelt?**

Um Ministère fir Fuerschung an Héichschoul ass zanter 2021 de Service Registre des titres vu 5 op aktuell 6,5 Mataarbechter ugewuess. Dovunner si 6 Agente vollzäit fir de Service am Asaz, an een Agent deelzäit.

Am gläichen Zaitraum ass de Personalbestand am SRD ëm eng Persoun an d'Luucht gang.

**6. Wat gëtt ënnerholl, fir d'Delaie vun der Reconnaissance des Diplômes ze verbesseren?**

Wat d'Unerkennung vun auslänneschen Héichschouldiplomer ubelaangt, schafft de Service Registre des titres, an enker Zesummenaarbecht mam CTIE, aktiv un engem neie Gestiounsprogramm fir d'Demanden. Mat dësem wäerten engersäits gewëssen Zäit opwänneg Tâchë wéi den Encodage zum gréissten Deel ewech falen, an anerersäits eng besser Gestioun vun den ugesammelten Informatiounen iwwert déi jeeweileg auslännesch Héichschoulsystemer ee méi flëssegen Traitement vun den Demanden erméiglechen, ouni Ofstrécher ze maache bei der Prezisioun vun den Decisiounen. Ausserdeem besteet d'Méiglechkeet, dass och de Service de la reconnaissance des diplômes vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend dëse Programm wäert kënnen, mat den néidegen Adaptatiounen, iwwerhuelen, woumat d'Iwwermëttlung vun Diplomunerkennungsdemanden, déi um falsche Ministère agereecht ginn, méi liicht a rapid wäert ginn.

Trotz kontinuéierlechen Ustrengunge fir den Delai fir all d'Demandeuren esou kuerz wéi méiglech ze halen, a wéi schonns 2023 an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 3033 erwäänt, wäerte gewësse Fäll allerdéngs och weiderhin en onkontrolléierbaren Afloss op den Duerchschnëttsdelai hunn. Heibäi handelt et sech ënnert anerem ëm den Delai tëscht dem Areeche vun engem onkompletten Dossier an der Vervollstännegung duerch den Demandeur, mee och ëm den Delai, deen ufält, wann eng onëmgänglech Informatioun bei enger Héichschoul oder bei auslänneschen Autoritéite muss nogefrot ginn.

Doriwwer eraus sief awer och nach bemierkt, dass Lëtzebuerg, zesumme mat de Partnerstaate vun der Benelux-Unioun, och eng Virreider-Roll spillt am Beräich vun der automatescher a géigesäiteger Unerkennung vun Héichschouldiplomer. Esou konnt säit 2015 opgrond vu géigesäitegem Vertrauen etappeweis d'Majoritéit vun den Diploméierte vu belschen, hollänneschen, estneschen, letteschen a litaueschen Héichschoule gesetzlech vun der Aschreiwungsprozedur an d'Héichschoulsektioun vum Registre des titres de formation dispenséiert ginn. Et ass natierlech wënschenswäert, dass och nach weider interesséiert Länner dem Traité vum 14. September 2021 bäitrieden, deen d'Grondlag geschaf huet fir déi automatesch Unerkennung iwwert de Benelux-Raum eraus op Europa auszedeenen. Op dës Aart a Weis kéinten an Zukunft also nach méi Diploméierter ganz vun der akademescher Unerkennungsprozedur an den domat verbonnenen Delaië befreit ginn.

Wat den SRD ubelaangt, ginn et, nieft der uewe genannter Optimiséierung vun de Prozesser duerch en neie Gestiounsprogramm, aktuell keng aner Méiglechkeete fir de Beaarbechtungsdelai nach méi ze reduzéieren.

Lëtzebuerg, den 14. November 2025

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul

(s.) Stéphanie OBERTIN